
# MENG GEMENG

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

AUGUST - SEPTEMBER 2022




www.petange.lu





**Édito** 3

*Eng Beräicherung fir all Uertschaft*

**Happy Birthday!** 4

*Gebuertsdeeg louchen am Trend an de leschte Wochen, well gläich 4 Veräiner aus der Gemeng gefeiert hunn. Esouwuel La Courageuse Pétange ewéi och L'Avant-Garde Rodange, d'Guiden a Scoute Sainte Amalbergue vu Rodange-Lamadelaine an den Dëschttennis Kordall hunn d'Käerzen op hirem méi oder manner grousse Kuch ausgeblosen op hirem groussen Dag. Jo, de Gebuertsdag war fir deen een oder anere Veräi schonn eriwwer, ma duerch de Coronavirus huet alles mussen no hanne geréckelt ginn. An d'Freed um Feieren huet kee während der Pandemie verléiert!*

**Une toilette n'est PAS une poubelle** 8

*L'eau est un sujet qui suscite un vif intérêt auprès des citoyens. Surtout le prix de l'eau ou encore les travaux de la station d'épuration à Pétange (le S.I.A.CH.) sont toujours d'actualité. Oui, la modernisation ou construction d'un nouvel ouvrage coûte bien des millions.*

**AGENDA** 10

*Août - Septembre*

**Afterwork** 12

*1. Editioun*

**Nationalfeierdag** 14

**Wat war lass?** 17

**Mir gratuléieren** 26

**Recette du mois** 29

*Poulet Tiranga*

**D'Gemeng informéiert** 30

*Rout Tute fir d'Knëllercher · Des sachets rouges pour les crottes*

*Eng nei Delegatioun trëtt un*

*Nei Mataarbechterin*

*Tutti Frutti fir jiddereen!*

*Cours du soir dans la commune de Pétange*

*«Pétange Events», une nouveauté sur Facebook!*

**Food Festival** 32

*E Grand Premier Cru*


# IMPRESSUM


**Éditeur :**
Administration communale
de Pétange
B.P. 23 • L-4701 Pétange
Tél.: 50 12 51-1000
Fax: 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**
Pia Hansel, Jean-Paul Oms,
Manon Büchler

**Photos :**
Service Culture et Communications de la commune de Pétange,
Claude Piscitelli, Laurent Blum,
S.I.A.CH., Nathalie Flenghi,
Milena Marcovic, Fraenz_tography,
Stacy Bazard, Eric Jaerling, istockphoto

**Mise en page & impression :**
Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng",
imprimé sur du papier
100% recyclé,
paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée
gratuitement
à tous les ménages
de la commune de Pétange.

**Édition :**
Août/Septembre 2022

ISSN 1993-0070

# Eng Beräicherung fir all Uertschaft

Mat iwwer 20.000 Bierger a Biergerinnen, déi an der Péitenger Gemeng wunnen, ass och d'Bedierfnis u Fräizäitaktivitéite fir Grouss a Kleng, fir Jonk a jong Gebliwwener, an den dräi Uertschafte relativ grouss. Et ass natierlech flott, wann een an der Weltgeschicht ka reesen, nei Saachen, Länner, Stied asw entdecken, awer de soziale Kontakt doheem bleift dach fir quasi all Mënsch eng ganz wichteg Komponent am Liewen. Grad dowéinst gehéiert d'Veräinswelt an aller Hinsicht an d'Liewe vun der Gemeinschaft.

Et ass egal, vu wou ee kënnt a wou ee wunnt, d'Memberen aus deene méi wéi 190 Veräiner, déi an der Gemeng Péiteng ugemelt sinn, spigelen d'Natiounen erëm, déi zesummen hei wunnen. Sief et Sport, Musik, Soziales oder Kultur, fir der nëmmen e puer ze nennen, d'Interessegebitter sinn esou vielfälteg ewéi déi Leit, déi sech engagéieren. An dat ass och gutt esou, well d'Gesellschaft eréischt duerch d'Tatsaach, datt mir ënnerschiddlech Aktivitéiten an Hobbyen hunn, interessant gëtt.

Ma d'Veräiner sinn nach vill méi ewéi just e puer Leit, déi sech vun Zäit zu Zäit gesi fir zesummen där enger oder aner Aktivitéit nozegoen. E Veräin ass eng Gemeinschaft. Sief et e Club, wou gréisstendeels jonk Leit aktiv sinn oder dach een, wou éischter déi eeler Generatioun sech doheem fillt, si hunn ee gemeinsaamt Ziel: Zäit mateneen ze verbréngen, sech ameséieren an dofir suergen, datt een net eleng ass. Besonnesch fir déi méi eeler Leit, vun deenen eng ganz Rei eventuell eleng doheem wunnen, sinn dës Momenter wichteg fir sech mat Gläichgesënnten am selwechten Alter oder esouguer Generatiounen iwwergräifend auszetauschen. Dëst Interaktioun stellt e wichtege Moment an hirem Liewen duer, well si doduerch aktiv bleiwen an sech ëmmer nees op dës Stonne freeën.

Wat déi jonk Leit ugeet, do stellen d'Veräiner e Kontrastprogramm am Verglach zu der Schoul duer. An dach, och hei léieren si eng gewëssen Disziplin, z.B. d'Anhale vun den Trainingszäiten, d'Präsenz bei Prouwen oder Matcher, fir just e puer ze nennen. Doriwwer eraus steet hei den Zesummenhalt an déi sozial Akzeptanz vun Aneren am Mëttelpunkt. Eng Léier, déi net ëmmer einfach ass, déi awer méi einfach gëtt wa jiddereen un engem Strang an an déiselwecht Richtung zitt. Vum Butzenalter bis hin zu de Jugendlechen an och esou munch erwuesse Leit, mir brauchen all eng Struktur am Liewen. Déi fänkt doheem mat enger gudder Basis un an zitt sech duerch d'Liewen ewéi e roude Fuedem. Eis Veräiner sinn eng Stäip am hekteschen Alldag, eng Gemeinschaft am Klengen, déi sech hir Roll an der Gesellschaft verdingt hunn. Hir Aarbecht, déi si ouni vill Gedausch leeschten, kann een als Gemeng just ënnerstëtzen.

De Schäfferot



# 125 Joer La Courageuse Péiteng





Jo, net nëmmen d'Leit, och d'Veräiner feiere Gebuertsdag. Viru méi wéi engem Jorhonnert gouf den deemools nach exklusiven Turnveräin **La Courageuse** vu Péiteng an d'Liewe geruff. 125 Joer, dat ass eng Zäitspan, déi een sech scho bal net méi virstelle kann. Zwee Weltkricher, Finanz-, Stol- an Uelegkris, all dës schwéier Joren huet de Club iwwerlieft an zënterhir huet sech och d'Zuel vun deenen Aktiven erhéicht. Fir dësen houfregen Alter z'erreechen hu vill fläisseg Hänn geschafft, déi een natierlech net dierf vergiessen. No der Fändelweih stoung dann och d'Fête de la Joie am Kalenner, wou Kleng a Grouss mat engem flotte Programm hir Talenter ënner Bewäis gestallt hunn.









# L'Avant-Garde Rodange, e Jorhonnert a Beweegung





100 Joer si vergaangen zënter zu Rodange **L'Avant-Garde** als Männerturnveräin an d'Liewe geruff gouf. Eng Zäitspan, an där ganz vill an eiser Gesellschaft sech verännert huet. Wann um Ufank de Club nach vu Männer dominéiert war, esou sinn et haut haaptsächlech Fraen, déi an de Sektiounen aktiv sinn. An déi choreografesch exzellent Präsentatioune si wäit iwwer d'Gemengegrenze bekannt. Mat engem grousse Galawochenenn huet d'Avant-Garde dee ronne Gebuertsdag viru vollem Haus gefeiert.









# 100 Joer „héich de Bockel voll Gepäck“



… esou heescht et jo zënter jehir bei de **Guiden a Scouten**, déi an hire verschiddene Gruppen d’Kanner an déi Jugendlech betreien. A wann ee gesäit, wéivill Uklang se nach ëmmer hunn, da verwonnert et keen, datt si virun enger Zäitchen zu Rodange am neie Chalet op 100 Joer zeréckkucke konnten. Mat enger gelongener Feier, bei där d’Geschicht, déi vill Aarbecht, déi bei de Guiden a Scoute geleescht gëtt, awer och d’Zukunft esou wéi eng Ausstellung am Mëttelpunkt stoungen, gouf selbstverständlech och de Gebuertsdaagskuch ugeschnidden.













# DT Kordall - zënter 25 Joer am Mëttelpunkt

Rodange a Lamadelaine sinn a méi wéi an enger Hisiicht matenee verbonnen. A viru 25 Joer hunn d'Dëschtennisveräiner aus deenen 2 Uertschaften entscheet, sech an engem Club zesummenzedoen. Esou ass aus dem CSTT an dem Rollenger Veräin den **DT Kordall** entstanen. Dës Fusioun war de Wee an eng Zukunft, wou d'Spiller op sportlechem Plang mat exzellente Leeschtunge kënnen iwwerzeegen. A mat deenen neien a méi grousse Raimlechkeeten zu Rolleng steet dem Erfolleg näischt am Wee.
















# Eng Toilette ass KENG Dreckskëscht

*D'Waasser ass en Thema, dat d'Bierger interesséiert. Besonnesch firwat d'Waasser esou deier ass a wat dat kascht, wann an der Kläranlag zu Péiteng (de S.I.A.CH.) Aarbechten ustinn. Jo, et geet an d'Milliounen, wann un der Anlag eppes geännert respektiv nei gebaut oder erweidert gëtt.*

Wat awer net esou dacks ugeschwat gëtt, dat ass, wat alles kascht, wann d'Anlag muss reparéiert gi well nees eng Kéier d'Reecher, d'Pompelen oder d'Kanalisatioun verstoppt sinn. Leider ass et nach ëmmer esou, datt d'Mataarbechter vum S.I.A.CH. Saachen fannen, déi eigentlech näischt an de Basenge vun der Kläranlag verluer hunn. Dozou gehéieren alleguer dës Produkter:

- Naass Dicher (fir d'Babien, fir ze botzen, etc.) och wann dropsteet, datt si biodegradabel sinn, - w.e.g. op kee Fall an d'Toilette geheien!
- Binden, Tamponen, Pampers, Kondomer, Watt an Ouerestäbercher,
- kleng Verpakungen aus Plastik, Pabeier oder Karton,
- Hoer (déi fest Klompe bilden),
- Medikamenter,
- Ueleg fir ze kachen a fir de Gebrauch am Auto/ Motor/Camion,
- Fuerf fir unzesträichen,
- Zigarettekippen,
- Masken – si brauche 400 Joer fir sech ze zersetzen!

Wann een dës Produkter an d'Toilett gehäit, da riskéiert een domat, datt déi sëllech Pompelen, déi eng wichteg Funktioun am ganzen Ofwaasserreseau erfëllen, verstoppen an esouguer beschiedegt ginn. Dobäi kann e grousse Schued entstoen, deen dann iwwer Steiersue vun de Bierger alleguer nees muss bezuelt ginn.

Et lount sech, nozedenken an d'Offäll richteg ze trennen. Fir alles richteg z'entsuergen, kann een sech um Site vum S.I.A.CH (www.siach.lu), bei der Superdreckskëscht (www.sdk.lu) oder beim Ëmweltservice vun der Péitenger Gemeng (www.petange.lu) informéieren.

**Denkt drun:** de Stroossenoflaf (Gulli) virun Ärer Dir fléisst direkt oder indirekt iwwer d'Baach an d'Mier. Trennt den Offall richteg, geheit näischt an d'Toilett, ausser Toilettepabeier, a **schützt esou d'Natur an Äre Portmonni!**





# Une toilette n'est PAS une poubelle

*L'eau est un sujet qui suscite un vif intérêt auprès des citoyens. Surtout le prix de l'eau ou encore les travaux de la station d'épuration à Pétange (le S.I.A.CH.) sont toujours d'actualité. Oui, la modernisation ou construction d'un nouvel ouvrage, sa maintenance et son entretien coûtent bien des millions.*

Les coûts engendrés par des réparations aux installations techniques, p.ex. pour les pompes ou canalisations bouchées, sont moins souvent sujet à discussion. Cependant et malheureusement, les collaborateurs du S.I.A.CH. trouvent, jour après jour, des déchets qui n'ont rien à faire dans les canalisations. Voici un petit aperçu des produits en question:

- les lingettes humides (pour la toilette, pour bébés, pour le nettoyage, etc.) même celles soi-disant biodégradables, - ont leur place dans la poubelle!
- les serviettes hygiéniques, les tampons, les couches, les préservatifs, le coton, le coton-tige,
- les petits emballages en plastique, papier ou carton,
- les cheveux (forment des touffes),
- les médicaments,
- l'huile pour cuisiner, l'huile pour moteur,
- les peintures,
- les mégots,
- les masques de protection – ils nécessitent 400 ans pour se décomposer!

En jetant ces produits dans la toilette, on risque de boucher les canalisations (y compris les siennes) ainsi que d'endommager les nombreux ouvrages de collecte des eaux qui remplissent une fonction primordiale dans tout le réseau des eaux usées. Les dégats qui en résultent seront payés par le biais des impôts de tous les citoyens.

Il vaut donc mieux réfléchir et trier les déchets correctement. Pour ce faire, des informations sont disponibles sur le site du SIACH (www.siach.lu), de la «Superdreckskëscht» (www.sdk.lu) ou auprès du Service Environnement des la commune de Pétange (www.petange.lu).

**N'oubliez pas:** la bouche d'égout au seuil de votre porte se déverse directement ou indirectement par le ruisseau dans la mer. Faites le tri de vos déchets, ne jetez rien dans les toilettes, excepté le papier toilette, afin de **protéger la nature mais aussi votre porte-monnaie!**









# AGENDA
## Août - Septembre




### PABEIERSAMMLUNG ZU RODANGE A LAMADELAINE

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**LAMADELAINE: DEN 9.9.**

**RODANGE: DEN 19.8. A 16.9.**

Org.: Gemeng Péiteng



### PABEIERSAMMLUNG ZU PÉITENG

Vu moies fréi bis nomëttes

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**PÉITENG: DEN 3.9. AN 1.10.**

Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng

### MINETT PARK FOND-DE-GRAS

**3. a 4.9.**

### FÊTE DE LA VAPEUR

Zuchfahrten tëscht 10 an 19 Auer

Damplokomotiven

Animatioune fir Kanner

Modelleisebunnen

Virstellung vun engem neien Timber Train 1900

Grillspezialitéiten a villes méi

Org.: Minett Park Fond-de-Gras

**04.09.**

### PLOGGING – PICK UP AND RUN

Péiteng – Parking vum Kierfecht

Ufank: 10 Auer

Org.: Ëmweltkommissioun vun der Gemeng Péiteng, CA Red Boys – UA Pétange, Gemeng Péiteng

**07.09.**

### MARCHÉ MENSUEL

Pétange – place J.F. Kennedy

de 8h00 à 12h00

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

**10.09. an 11.09.**

### INTERNATIONAL CHALLENGE CUP & LADIES' & MEN'S CUP

Pétange – Centre sportif Bim Diederich · Entrée libre

Le 10.09. de 10h00 à 19h00

Le 11.09. à partir de 10h00

Infos sur www.volley80.lu

Org.: Volley80 Péiteng

**12.09 an 03.10**

### BICHERBUS

Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal rue Jos. Moscardo vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner: https://cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

### 78e ANNIVERSAIRE DE LA LIBÉRATION À PÉTANGE

**Programme du 9.9.**

18h15: Recueil et dépôt de fleurs au cimetière

19h00: Cérémonie devant le Monument Hyman Josefson

19h30: Evocation historique des événements autour du M8

Présentation de l'espace muséologique renouvelé

19h45: Concert Dixie Boys Band

**Programme du 11.9.**

10h30: Cérémonie devant la Borne du Passeur

11h00: Intronisation dans l'Ordre de la Chevalerie au Home St Hubert

Org.: Commune de Pétange, Comité du Souvenir



**16. & 17.09.**
### SUPERCROSS FREESTYLE SHOW / CHARITÉ SÉ

Pétange – Site Carena
(rue Eucosider)

Début: 19h00

Org.: MK FOR A SMILE
en partenariat privilégié avec
la commune de Pétange




**23.09.**
### RÉUNION MENSUELLE

Rodange – Centre culturel

De 17h00 à 19h00

Entrée libre

Org.: Cercle Philatélique Rodange

**24. et 25.9.**
### ANNO 1900 – STEAMPUNK CONVENTION · 10e ÉDITION

Fond-de-Gras · de 11h00 à 18h00
Entrée gratuite

Navette par Train 1900 depuis Pétange, par navette bus depuis le P&R Differdange et Niederkorn ou à pied à partir de la piscine PiKo à Rodange.

Animation, concerts, marché victorien, exposition de créations steampunk, trains à vapeur ...

Informations
supplémentaires
sur www.anno1900.lu

Org.: Minett Park Fond-de-Gras en collaboration avec les communes de Differdange et de Pétange

**02.10.**
### PLOGGING – PICK UP AND RUN

Rodange - Sportshal

Ufank: 10 Auer

Org.: Ëmweltkommissioun vun der Gemeng Péiteng, CA Red Boys – UA Pétange, Gemeng Péiteng

**05.10.**
### MARCHÉ MENSUEL

Pétange – place J.F. Kennedy

De 8h00 à 12h00

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl







clubsenior

### CLUB SENIOR PRËNZEBIERG

**27-29, rue Michel Rodange zu Déifferdeng**
**Tel.: 26 58 06 60**
**e-mail: prenzebierg@clubsenior.lu**

**Kontaktpersoun: Geneviève FABER**

**Viremente fir Reservatiounen op de Konto CCPLULL – IBAN LU91 1111 1007 2640 0000**

### LADIES' TIME
**Vendredi 30 septembre**
### «OKTOBERFEST À LAMADELAINE»

Venez avec nous à l'«Oktoberfest» au Centre de Loisirs à Lamadelaine.

Rendez-vous à 18h00 au Parking des hauts Fourneaux ou à 18h30 devant le Centre de Loisirs à Lamadelaine

Prix: 50€ (entrée + buffet)

Transport: 10€

### FORMATIOUN: 1. HËLLEF-COURS AN DER MENTALER GESONDHEET

### AM CLUB SENIOR ZU DÉIFFERDENG

**Méindes den 03. Oktober**
**Méindes den 10. Oktober**
**Méindes de 17. Oktober**
**Méindes de 24. Oktober**
**ëmmer vun 9.00 bis 12.00 Auer**

Eleng hei zu Lëtzebuerg, am Laf vun engem Joer, betreffe psychesch Erkrankungen ongeféier 1 vu 4 Persounen. Jidderee kennt a sengem Ëmfeld eng Persoun, déi un enger psychescher Erkrankung leit, respektiv eemol a sengem Liewen dru gelidden huet.

D'Éischt Hëllef Coursen an der mentaler Gesondheet léieren, wéi ee mat der Famill, de Frënn oder den Aarbechtskollegen ëmgeet, déi un enger psychescher Erkrankung leiden. D'Objektiv ass, den Tabu ze briechen a Virurteeler ze miniméieren.

Participante vum 1. Hëllef Cours an der mentaler Gesondheet léiere problematesch Situatiounen ze erkennen, se mat de Persounen ze thematiséieren an hinnen déi richteg Hëllef unzebidden.

D'Formatioun ass op Lëtzebuergesch.
Präsenz ass obligatoresch fir déi 4 Coursen.

**Präis fir déi ganz Formatioun: 26€**

Plus d'informations sur www.petange.lu

# AFTERWORK 1. EDITIOUN







## D'Gemeng hat invitéiert ...

... an dat fënnef Woche jeweils donneschdes op den Afterwork beim WAX. Et war super, d'Musik, d'Leit, Fingerfood, d'Wieder – meeschtens -, alles huet geklappt an et war flott, esou vill nei Gesiichter begréissen ze kënnen.

En Zeechen, datt den Afterwork eng wëllkomm Ofwiesslung war an och wäit iwwer d'Gemenge-grenzen Uklang fonnt huet. Op déi nächst Editioun!


























novation









# NATIONALFEIERDAG



## Nationalfeierdag 2022

No zwee laange Joer stoungen d'Feierleechkeete vun Nationalfeierdag mam Cortège, dem Te Deum, der offizieller Usprooch vum Buergermeeschter an der Iwwerreechung vun de Medaillen u verdéngschtvoll Mataarbechter a Membere vum CGDIS nees um Programm. Mat *The Humphreys, God Save the Queen (Queen Tribute Band)* an dem *André Mergenthaler* senger musikalescher Interpretatioun op eng Projektioun vun der Lokalgeschicht war dee ganzen Dag eng super Stëmmung op der Gemengeplaz.
















pétange


pétange




















# Wat war lass?



**1.6.2022** - *De Bademeister Schaluppke war on Tour zu Péiteng am WAX, wou hien den Zuschauer op seng ganz eege Manéier erzielt huet, wéi haart seng Aarbecht als Schwammmeeschter ass. Dobäi krut een esou munch en neien Abléck an d'Liewen an a ronderëm de Baseng. E lëschtegen Owend, bei deem d'Laachmuskelen dacks strapazéiert goufen.*



**3.6.2022** - *Les amateurs des bons petits plats, d'une bière fraîche, d'un bon verre de vin ou d'un cocktail devaient être aux anges au Fond-de-Gras lors du Night Train, une soirée culinaire dans une remise ferroviaire aménagée pour l'occasion. En accmpagnement, les combos de l'Ecole de musique de Pétange ont assuré l'encadrement musical « live » avec brio.*















**10.6.2022** - *’t ass Kiermesdag an eng Gei …, esou huet et bei der Ouverture vun der Kiermes zu Péiteng nees eng Kéier geklongen. Esouwuel op der Stadhausplaz grad ewéi op der Maartplaz haten d’Kiermesleit hir Stänn a Spiller opgeriicht fir deene Jonken a jonk Gebliwwenen e puer Deeg Amüsement ze garantéieren. Ob bei enger Glace, Popcorn oder méi defteg Saachen, Kiermesdag ass ëmmer e Feierdag.*









**11.6.2022** - *Do-Re-Mi-Fa-Sol … klang es so manches Mal am Tag der offenen Tür in der Petinger Musikschule. Ob am Klavier, an der Batterie oder mit einem Blas- bzw. Streichinstrument in der Hand, die zahlreichen, hauptsächlich jungen, Besucher versuchten sich mit viel Einsatz und Begeisterung an neuen Instrumenten. Und die Liste der Einschreibungen dürfte wieder einmal die Ränge in den Klassensälen gut füllen.*







**11.6.2022** - *Sief et um Site vun der Union Titus Péiteng, an der Schwämm oder an a ronderëm de Sportzentrum Bim Diederich, d'„Nuit du Sport" stoung fir e puer Stonnen am Mëttelpunkt vum Interesse bei de Frënn vun der Beweegung. En Héichpunkt war natierlech de MBX Workshop vum Barre Neirynck. Iwwerall war vill Spaass ugesot. A vläicht huet jo deen een oder aneren 'seng' Fräizäitbeschäftegung hei fonnt ...*











**18.6.2022** - *Dans le cadre d'Esch2022, la musique fut à l'honneur lors du Minett on Tour, une série de concerts données par les harmonies de différentes communes du sud du Luxembourg et de la région limitrophe en France dans chacune des localités participantes. Temps fort de la journée: un concert des harmonies réunies au stade de football à Obercorn avec plus de 2.000 musiciens!*











**19.6.2022** - *Tanzen à gogo zu südamerikanischen Klängen war in der Sporthalle in Rodange angesagt, dies im Zeichen des Télévie 2022. Unter der Leitung der Zchicas wurden Generationen übergreifend das Tanzbein um die Wette geschwungen und eine Menge Schweißtropfen vergossen. Und nach knapp zwei Stunden stand die Müdigkeit so manchem Teilnehmer im Gesicht geschrieben, doch Fröhlichkeit und Spaß konnte dies nichts anhaben.*






**21.6.2022** - *Zënter Enn 2021 huet de Service Culture et Communications vun der Péitenger Gemeng eng nei Adress, an zwar sinn d'Büroen elo am Verwaltungsgebai op der Maartplaz, wou dat fréiert Lokal vun „Help" ganz renovéiert gouf. Am Laf vun enger Receptioun goufen déi nei Raimlechkeeten, déi ganz oppen an hell gestalt goufen, offiziell presentéiert.*







**14.7.2022** - *Fir e puer Stonne war d'Madamm Fleur Thomas, britesch Botschafterin zu Lëtzebuerg zënter Abrëll 2021, an déi Péitenger Gemeng komm. Si huet sech an d'Gëlle Buch agedroen a gouf ageluede vu Membere vum Schäfferot fir ë.a. e klengen Tour duerch de Fond-de-Gras ze maachen. Ofgerënnt gouf dës Visite mat engem klenge Maufel am Restaurant WAX.*





**24. & 25.6.2022** - *Depuis des années déjà, les bénévoles de l'association «Fir e gudden Zweck Gemeng Péiteng» s'engagent pour le Télévie. Leurs efforts conjointement avec la générosité des citoyens ont de nouveau porté leurs fruits le temps d'une soirée luxembourgeoise avec les «Déckkäpp» suivie d'une journée avec des animations non-stop. Cette année, un chèque de 90.100€ a pu être remis afin de promouvoir la recherche contre le cancer. Merci à tous pour votre soutien à cette bonne cause.*














**15.7.2022** - *Mit rund 1,3 Millionen Euro erhielt die Bommertstraße in Petingen im Lauf der vergangenen fast zwei Jahren – bedingt durch die Pandemie – eine Rundumerneuerung. Sämtliche Unterbauinfrastrukturen (Gas, Strom, Glasfaser usw.) sowie die Kanalisation und der Belag wurden in Angriff genommen. Mit einem Grillfest bedankte sich der Schöffenrat für die Geduld der Anrainer.*



**16.7.2022** - *An Zesummenaarbecht mat de Läbbel a mat der Ënnerstëtzung vun der Péitenger Gemeng hat d'Jugendkommissioun op den Hip Hop Open Air op d'Skateboardpist agelueden. Nieft engem Graffiti Workshop stoungen och vill Musik an Animatioun um Programm. An de Line-Up mat ë.a. Corbi, DJ PC, Ape, huet sécher dozou bäigedroen, datt sech d'Plaz géint der Owend ëmmer méi gefëllt huet. E gelongenen Event, dee bei allen Alterskategorië gutt ukoum.*
















**5.8.2022** – *No zwou Woche Spill, Spaass a Spannung goung d'Vakanzaktioun vun der Péitenger Gemeng op en Enn. Fir d'Ofschlossfeier goufen op d'Musik, déi den DJ Patrick opgeluecht huet, eng etlech flott Dänz virgefouert. Ofschléissend kruten d'Enfants de l'Espoir asbl e Scheck iwwerreecht aus dem Erléis vun de Bastelaarbechten an dem Benefice vum Fest. E flotte Geste!*













**30.7.2022** - *De Péitenger Stroossemaart, dee vun der Association des professionnels des foires et marchés organiséiert gouf, hat eng helle Wull Leit ugelackelt. Net zulescht och wéinst dem schéine Wieder, dat dee ganzen Dag um Rendez-vous war. Nieft de „Schnäppercher", déi am Kuerf gelant sinn, stoungen och e gudde Maufel, e kille Pättchen oder Séisses aus dem Äisschaf och ganz héich an der Gonscht vun de Visiteuren.*



**9.8.2022** – *Trois ans déjà … c'était le 9 août 2019 quand une tornade s'est engouffrée dans diverses rue de la commune de Pétange et a causé des dégâts de plus ou moins 100 millions d'euros sans compter les souvenirs traumatiques gravés à jamais dans la mémoire des citoyens qui ont vécu un des moments les plus terrifiants de leur vie. En mémoire de cette tragédie, la commune de Pétange avait chargé l'artiste Florence Hoffmann avec la création d'une sculpture qui fut inaugurée en présence de nombreux invités à la place John F. Kennedy. Cinq plaques commémoratives furent également encastrées dans le sol retraçant ainsi le chemin que la tornade s'était frayée.*
















**10.8.2022** - *Am Fond-de-Gras gouf a Präsenz vun enger ganzer Rei Gäscht, ë.a. och de Minister Claude Meisch, deen neie Wagon Gîte offiziell senger Bestëmmung iwwerginn. E gelongene Projet, esou housch et allsäits, an deem 3 Schlofzëmmer, annerhallef Buedzëmmer, eng Kichen an esouguer eng Sauna Plaz fonnt hunn. En Challenge, net nëmme fir d'Architekte beim Plangen, ma och fir d'Handwierker beim Ëmsetze vun den Iddien. An eng ongewéinlech Plaz fir z'iwwernuechten – matten an der Natur.*














# Mir gratuléieren!



90 Joer jonk gouf dëser Deeg den Här **Albert Gres**, deen dëse Gebuertsdag mat Famill a Frënn am Hotel Threeland gefeiert huet. A fir säi groussen Dag haten och Memberen aus dem Schäfferot de Wee bei hie fonnt fir him déi bescht Gléckwënsch auszedrécken an eng schéi gefëllte Corbeille mat gudde Schnekereien z'iwwerreechen. Natierlech gouf och zesumme mam Jubilar ugestouss!

Op 90 Joer zeréckblécke konnt och d'Madamm **Mariette Derume-Kons**, déi ewell an der Seniorie St Joseph zu Péiteng wunnt. Zesumme mat Vertrieder aus der Direktioun, vum Personal a vun der Amicale de la Seniorie hu Memberen aus dem Péitenger Schäfferot dem Gebuertsdaagskand alles Guddes gewënscht an eng Corbeille mat Naturprodukter iwwerreecht.





Bei schéinem Wieder gouf am Gaart vun der Seniorie zu Péiteng der Madamm **Liliane Meyer-Meres** hiren 90. Gebuertsdag gefeiert. Mam Gebuertsdaagskand op eng weider gutt Gesondheet ugestouss hunn hir Famill, Vertrieder vun der Direktioun an der Amicale de la Seniorie ewéi och Memberen aus dem Schäfferot vu Péiteng, déi der Jubilarin och e schéine Kaddo iwwerreecht hunn.



D’Madamm **Berthe Muller-Loos** ass nach gutt a Form an esou huet si och hire groussen Dag, den 90. Gebuertsdag, gefeiert. Mat engem Patt huet si zesumme mat hiren zwee Meedercher an dem Péitenger Schäfferot ugestouss. D’Politiker waren net mat eidelen Hänn komm an haten der Jubilarin eng gutt gefällte Corbeille mat Spezialitéiten matbruecht.

Zu Rodange huet d’Madamm **Jeanne Meis-Hilbert** bei beschter Laun a gudder Gesondheet hiren 90. Gebuertsdag gefeiert. Nodeems de Schäfferot hir déi bescht Gléckwënsch iwwerbruecht an hir eng schéi Corbeille mat ville gudde Spezialitéiten iwwerreecht hat, huet d’Jubilarin, ëmgi vun hirer Famill, mat engem gudde Pättchen op hire groussen Dag ugestouss.







Zesumme mat senger Famill huet den Här **Mirco De Felice** seng 90 Joer gefeiert. Fir dës Geleeënheet hunn zwee Memberen aus dem Péitenger Schäfferot dem Gebuertsdaagskand op sengem Dag déi bescht Gléckwënsch iwwerbruecht an him als klenge Kaddo eng gutt gefällte Corbeille mat ville Schnekereien iwwerreecht.



E Kuch mat 90 Käerzen, dat muss gefeiert ginn! Mat enger gutt geféllter Corbeille fir d'Gebuertsdaagskand, d'Madamm **Marguerite Harles-Hermes**, hu Memberen aus dem Péitenger Schäfferot déi bescht Wënsch fir dëse groussen Dag iwwerbruecht. A wéi et schonn Traditioun ass, gouf zesumme mat der Jubilarin op eng weiderhi gutt Gesondheet ugestouss.

DIAMANTEN HOCHZÄIT

Duerch Déck an Dënn sinn d'**Nicole an den Nicolas Thiry-Bidaine** déi lescht 60 Joer zesummen duerch d'Liewe gaangen. Elo hunn si hir Diamanten Hochzäit gefeiert an hunn a Präsenz vum Buergermeeschter an de Schäffen aus der Péitenger Gemeng hiirt Jo-Wuert vun deemools erneiert a wëllen och weiderhi mateneen nach vill schéi Joren am Krees vun der Famill an de Frënn deelen.



D'GEMENG INFORMÉIERT

# Gratis Schueberfouerbus

Den RGTR (Linn 711) fiert am 20 Minutten-Takt vun an op dës Arrêtën op d'Schueberfouer an erem zeréck:

Rodange - Gare
Rodange - Raths
Lamadelaine - route de Luxembourg
Péiteng - Porte Lamadelaine
Péiteng - Cactus
Péiteng - place du Marché
Péiteng -  rue de Luxembourg
Péiteng - cité CFL

Genee Auerzäiten sinn op https://tinyurl.com/yc3f2f5p



D'Gemeng Péiteng, zesummen mat de Gemenge Käerjeng an Dippech, huet sech agesat fir datt dës Linn op den dräi Sonndeger (21. August , 28. August, 4. September) mei laang fonctionnéiert an e Retour vun der Schueberfouer deemno och um 23.00 Auer, 24.00 Auer an 1.00 Auer méiglech ass.

# Le restaurant Pokhara vous propose ...



*Le restaurant Pokhara, situé à 39, avenue Dr Gaasch à Rodange, vous propose de vous évader dans la cuisine indienne avec la recette de cette édition et de découvrir les plaisirs gustatifs orientaux.*

## POULET TIRANGA

Pour: 6 à 8 personnes | Préparation de la recette : ±1h

### Liste des ingrédients :

- 600 g de poulet
- 1 tasse de yaourt
- 1 cuillère à soupe de pâte de gingembre
- 1 cuillère à soupe de pâte piquante verte
- 1 cuillère à soupe de jus de citron vert
- 1 cuillère à soupe de poudre de piment rouge
- une pincée de colorant alimentaire rouge
- ½ tasse de crème
- 1 cuillère à soupe de pâte de noix de cajou
- ½ cuillère à soupe de pâte de coriandre
- une pincée de colorant alimentaire vert
- beurre pour badigeonner
- sel au goût



### Préparation de la recette :

1. Répartir les morceaux de poulet dans trois bols, ajouter le yaourt, le gingembre, la pâte piquante verte, le jus de citron vert et le sel dans les trois bols.
2. Dans le premier bol, ajouter la poudre de piment rouge et le colorant rouge.
3. Dans le second bol ajouter la crème et la poudre de noix de cajou.
4. Dans le troisième bol ajouter la pâte de coriandre et le colorant vert. Bien mélanger et laisser mariner pendant 2 heures.
5. Mettez le poulet sur les brochettes et faites griller au four tandoori ou un four préchauffé à 200° jusqu'à ce qu'il soit cuit.
6. Appliquez un peu de beurre pour badigeonner et laissez cuire encore 2 minutes.



*Au plaisir de vous acceiullir dans notre restaurant pour vous proposer d'autres spécialités indiennes, tibétaines ou népalaises.*

**Restaurant Pokhara**
39, avenue Dr Gaasch
L-4818 Rodange
Tél.: 26 65 46 06
www.restaurantpokhara.com

## Rout Tute fir d'Knëllercher

Zënter enger Zäitche gëtt et nees Tute fir den Hënn hir Knëllercher opzerafen. Si si vun der Gemeng bestallt ginn nodeems et beim fréiere Produzent Problemer mat der Liwwerung goufen. Déi nei, knallrout Tute sinn e bësse méi grouss ewéi déi aal, si passen awer net an de Reservoir, deen dofir bei den Dreckskëschten am ëffentleche Raum virgesinn ass. D'Tute kënnen d'Bierger am Finanzservice vun der Gemeng (1. Stack, Büro 112) ofhuele kommen.

**Et sief och nach eng Kéier drun erënnert,** datt den Hondsbesëtzer selwer soll (misst) sengem Hausdéier säin Dreck ophiewen an d'Tut duerno ewech geheien. Dat ass e Minimum u Respekt géintiwwer de Matbierger an de Mataarbechter vun der Gemeng, déi nach vill ze dacks mussen d'Honkskéipercher oprafen.

**Merci fir Är Mathëllef!**




## Des sachets rouges pour les crottes

Depuis quelque temps, des canisacs sont de nouveau disponibles. La commune de Pétange les avait commandés après des problèmes de livraison auprès de l'ancien producteur. Les nouveaux canisacs, cramoisis, sont un peu plus grands que les anciens mais ils ne rentrent pas dans le «réservoir» prévu dans les poubelles installées sur la voie publique. Les canisacs peuvent être retirés par les citoyens au Service des finances de la commune (1er étage, bureau 112).

**Pour rappel:** les propriétaires de chiens sont priés (devraient) ramasser les crottes de leur animal domestique et de jeter ensuite le canisac. Ceci équivaut à un minimum de respect vis-à-vis des concitoyens mais également des personnes travaillant pour la commune qui doivent – trop souvent encore – ramasser les crottes de chiens.

**Merci pour votre aide!**

## Eng nei Delegatioun trëtt un

Virun enger Zäit hunn d'Gemengebeamten esouwéi d'Gemengenemployéen eng nei Delegatioun gewielt. Nieft der Präsidentin Sandra Deischter-Giampaolo sinn hei nach vertruedden: Jerry Schmit, Julien Groebig, Dan Homan, Andy Lux, Christophe Potier, Claude Linden an Thierry Balance (Suppléant). Bei Geleeënheet vun enger Receptioun goufen si vu Memberen aus dem Schäfferot empfaangen an och fir hiren Asaz am Numm vun de Mataarbechter felicitéiert.





## Nei Mataarbechterin

Den 1. Juli huet d'Viviana Sousa Ferreira als nei Mataarbechterin vum Biergerzenter ugefaangen ze schaffen.

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

www.petange.lu

# Tutti Frutti fir jiddereen!

Am Kader vun der Koordinatioun vun der Minett Unesco Biosphär hat de Gemengesyndikat Pro-Sud de Projet ***Tutti Frutti*** beim Landwirtschaftsministère agereecht mat dem Zil, der Liewensmëttelverschwendung entgéintzetrieden. De Péitenger Schäfferot huet am Dezember entscheet, datt och d'Gemeng Péiteng sech géif un dëser Aktioun bedeelegen. Dofir huet si e puer Bongerten zur Verfügung gestallt, wou d'Awunner kënnen Uebst rafen oder plécke goen.

**Wou sinn déi Bongerten?**

- am Plon zu Rodange
- am Läschebuer zu Rolleng
- iwwer de Rollenger Weieren.




Fir datt d'Leit och wëssen, wou si dierfe plécken respektiv rafen, hëlt d'Gemeng Péiteng och un der Campagne ***Gielt Band – Hei dierft Dir plécken*** deel. D'Bierger solle kënne vun deene Beem plécken, déi mat engem giele Band gezeechent sinn, an esou och déi Friichte verwäerten. Ma wann ee plécke geet, da gehéiert jo zum gudden Toun, sech un e puer Regelen ze halen:

- Respektéiert d'Natur a beschiedegt keng Beem,
- d'Kloteren op de Beem oder d'Benotze vu Leederen ass net erlaabt,
- d'Friichte si just fir de private Gebrauch,
- ech huelen dat mat, wat ech brauch,
- den Zougang zum Bongert gëtt net blockéiert,
- jiddereen ass fir sech selwer verantwortlech wann en Uebst plécke geet.

Vill Spaass beim Plécken a beim Genéissen!

**Informatiounen op**
**https://minett-biosphere.com/lu/landings/mmmh-minett-4/**

# Cours du soir dans la commune de Pétange

## Luxembourgeois et Français

Le Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la commune de Pétange, en collaboration avec la commune de Pétange organise des cours de langues au Lycée Mathias Adam à Lamadelaine.

**Prix: 130€/personne et cours (100€ pour les habitants de la commune de Pétange).**

**Inscriptions les 20, 21 et 22 septembre 2022 au Lycée.**

**Informations sur www.sitp.lu**
**ou par tél. +352 501251-1000.**

## Italien

Le Syndicat d'Initiative de Rodange, en collaboration avec la commune de Pétange et le ministère de l'Education nationale organise des cours de langue italienne au bâtiment scolaire de la Fonderie à Rodange.

**Prix: 100€/personne et cours**

**Inscriptions les 26 et 27 septembre 2022 au Centre culturel à Rodange**

**Informations sur https://www.sirodange.com/cours-de-langue/**
**ou par tél. +352 691 502 241**
**resp. +352 621 636 412**

## Formations informatiques

Le Cyber Hall de Pétange offre diverses formations informatiques au sein de l'«Internetstuff» à Pétange dont Microsoft Excel, Word, Photoshop, Gimp, etc. Les formations sont certifiées et agréés par le ministère de l'Education nationale. Des cours individuels ou en groupe peuvent être organisés sur demande.

**Informations sur**
**www.cigpetange.lu**
**ou par tél. +352 2365 1733-33**

# « Pétange Events », une nouveauté sur Facebook!

Depuis peu, la commune de Pétange a mis sur pied une page spéciale sur Facebook appelée «Pétange Events», ceci en complément de la page administrative de la commune sur le réseau social. Sur «Pétange Events» sont publiés tous les événements majeurs de la commune mais également des associations qui organisent des événements p.ex. par le biais d'un partenariat privilégié sur le territoire de la commune.

Grâce à cette nouvelle page, les manifestations sont plus visibles. Alors venez-nous voir sur https://www.facebook.com/profile.php?id=100057680748422



# 1. FOOD FESTIVAL
## E GRAND PREMIER CRU





### Gudden Appetit!

Esou housch et op der 1. Editioun vum Food Festival, deen am Park Théophile Kirsch vun der Gemeng op d'Bee gestallt gouf. Nieft Spezialitéiten aus ganz ënnerschiddleche Länner ewéi eng Pinsa, e Curry respektiv Picanha, war och fir de musikaleschen Encadrement gesuergt ginn. De gudde Patt an och Taart, Kuch oder eng Glace fir déi méi Séiss ënner de Visiteuren hu groussen Uklang fonnt bei Grouss a Kleng. Dat heescht jo wuel, datt enger zweeter Editioun näischt am Wee steet ...











